



Den ZLS?

Dir frot lech natierlech, wat dat soll sinn: Hei hu mir et mam ‚Zenter fir d'Letzebuenger Sprooch‘ ze dinn, deen – grad ewéi d'Regierungscommissariat fir eis Sprooch – duerch d'Gesetz vum 20.07.2018 ageféiert guff, a bannent deem mir dann och de ‚LOD‘ fannen, déi Institutioun, déi sech ëm de ‚Letzebuenger Online Dictionnaire‘ bekëmmert, mat deem der ewell vill vun lech ze dinn haten.

Mam ZLS hätte mir dann en héichoffizielle ‚Gremium‘ fir eis Sprooch-Praxis, souzesoe fir d'Vesuergen a Weiderkomme vun der letzebuergescher Sprooch, op d'Manéier, wéi dat ënner aneren Nimm fir d'Sproochen de Fall am Ausland ass. ‚Iwwer‘ dem ZLS an dem LOD fanne mir dann **den CPLL (Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise)**, eng Commissioun, déi eng Zort ‚Steirrad‘ vun deem ganze Sproochkomplex ass. Dëse Conseil ass, dem Sënn vum Gesetz no, och déi definitiv Instanz fir de LOD-Dictionnaire! Natierlech kann ee sech och d'Fro stellen, ob do net op eemol zevill Käch an der Kiche sinn...

D'Gesetz vun 2018 (*portant promotion de la langue luxembourgeoise*) steet um Fong vum Sproochgesetz vun 1984, dat sech op den Artikel 29 vun eiser Constitutioun stäipt; dee seet, datt den *emploi des langues défini par la loi* soll ginn... just **hei si mir jo um gudden Wee, fir eiser Sprooch däitlech (expressis verbis) als dem Idiom vum Land seng Plaz an der Verfassung ze ginn**... mol kucken.

Dat hei schéngt elo eng Grimmel technesch-dréchen an net fir jiddereen intressant ze sinn. Et soll ower kloer an däitlech festgehale sinn. Dir frot lech elo, wou bei deem Ganzen dann d'Actioun-Lëtzebuergesch steet. Mä déi war a bleift e ‚private‘ Veräin, eng ‚a.s.b.l.‘, déi sech elo bal zënter 50 Joer fir d'Letzebuergesch asetzt; dat **op hir Manéier ELENG an net ze knapps!** Mir kënnen roueg schreiwen, ënnersträichen a behaupten, datt et **ouni eisen an eisen treie Membren hire Veräin mat Sécherheet d'Sproochgesetz vun 1984 an elo dat mat all sengen Elementer vun 2018 NET giff ginn**. De Géigendeel ass net ze beweisen.

D'Actioun-Lëtzebuergesch huet déi allerbescht Relatiounen mat allen offizielle ‚Gremien‘, déi et haut fir eis Sprooch gëtt: dem CPLL; dem Commissariat an ZLS; d'uerch indirekt och mat de Ministären, wou et an der Praxis ëm d'Sprooch vum Land geet.

De Commissaire Marc Barthelemy war bei eisem Comité op Besuch an huet mat äis iwwer d'Zesummenaarbecht diskutéiert; datselwecht war de Fall fir den Direkter vum ZLS, de Luc Marteling, bei deem ech d'Éier hat, deslescht invitéiert ze sinn; mir zwéi sinn, zënter 500 Artikelen, déi ech op ‚sengem RTL.LU‘ gemaach hunn, trei Frënn. Mir hunn äis natierlech am ZLS och iwwer **de ‚Letzebuenger Online Dictionnaire (LOD)‘** ënnerhal; vrun allem iwwer dat, wat kann/soll/muss dra stoen... a wat net onbedéngt dra gehéiert, z.B.: Ausdréck, déi muttwëlles aus anere Sproochen an de LOD gequëtscht ginn, wou mir der ganz kloer selwer haten an (nach) hunn. E gutt Beispill dofir sinn déi iwwerflësseg Zesummesetzung mam ‚Prefix ZRÉCK‘ (-ginn,-kommen, -fueren) domat ermëlze mir typesch Elementer vum Lëtzebuergesch, well do **hannescht-, rëm-, hannerzeg** erdëmmelt ginn; dat ass genee esou koppeg, wéi wann et am Franséischen heescht ‚je pars à Paris‘, fir ze soen, et giff een OP Paräis fueren; leider begéine mir esou Schluddeieren och an der ‚langue de Molière‘ ëmmer méi... an da gëtt dat mam sakrosankte (mëssbrauchte) Begrëff ‚modern‘ verkleet. Mir ginn äis ënner villem aneren drun, datt Sproochkuebereie fir d'Letzebuergesch net och nach am LOD ‚offizialiséiert‘ ginn.

Automatesch?!

Wa mir äis selwer emol éierlech d'Fro stellen, wéisou d'Houdäitsch engem esou dacks an d'Sprooch rutscht, da brauche mir net laang ze sichen: Zugudderlescht si mir alleguer an deer Sprooch liesen a schreiwe geléiert ginn; **‚mir‘ kucken 80 Prozent däitschsproocheg TV-Programmen; eis Zeitunge sinn zu 85 Prozent nun emol an däitscher Sprooch**. Dat geet natierlech d'uer, fir datt dem Thomas Mann seng schéin a klassesch Sprooch äis net nëmme mëndlech mä och schrëftlech an d'Letzebuergesch wutscht, well eis Sprooch nun emol (och!) eng germanesch ass. Mat deem Ënnerscheid fir déi ‚germanesch‘ Hollänner, Dänen asw., datt déi nun emol **NET op däitsch alphabetiséiert ginn; datt hir Press NET an deer Sprooch ass, an datt si vrun allem TV an hirer Sprooch kucken!** Dës Bemierkung huet beileiwen näischt mam Iwwerleeës fir/géint eis Fassong vu Liesen- a Schreiweleieren ze dinn... mä et ka jo ower kee behaupten, si wier ëmsoss.

Huet dir iech z. B. **ewell iwwerluecht, firwat bei äis e Präis op eemol soll ‚gülteg‘ sinn; datt een ‚am Bäisinn‘ vun der Famill gestuerwen ass; datt et bei äis en ‚Zeienopruff‘ soll ginn, oder e Veräin eng Zomm Geld ‚zesummegedroen‘ huet; datt ab dem Juni d'Sonn um 10 vir véier opgeet asw.?**

Dat sinn elauter **Automatismen, déi vrun allem un der Lëtzebuenger Sprooch rappen**; aner ‚germanesch‘ Idiomen hunn dat aus deene bekannten Ursaachen nun emol net.

vum Lex Roth



Kleng Tricken

Fir eng Sprooch ‚praktesch‘ ze léieren, do gëtt et allerlee kleng Tricken, deer jiddereen vläicht ewell selwer bei/fir sech gebraucht huet. Een dovun sinn déi sougenannt **‚Wuertfelder‘. Rondrëm d'lessen** an d'Drénke kann ee ganz flott ‚Gespréchercher‘ a jidfer Sprooch maachen; datselwecht gëtt et och fir **de Kierper** an alles, wat sech dorëm dréint: déi eenzel Kierperdeeler: de Kapp fir sech, d'Hoer, d'Stier, d'Oueren, den Hals, d'Aen, d'Nues, de Mond (baussen a bannen); dann déi eenzel ‚Deeler‘ vun engem Kierper (Äerm, Hänn, Fangeren, Been, Broscht, Bauch, Réck, Hënner, Knéien, Féiss, Zéiwen asw.). Banne geet et vrun allem ëm de Mo, de Bächelchen, d'Liewer, d'Häerz asw. Dat alles kann ee jo (leider) wéi hunn...just hei kënnen mir da bei **praktesch Sätz** kommen, mat deenen ee ‚spilles‘ **déi meescht-gebrauchte ‚Hëllefswerben‘ hunn/sinn** wonnerbar d'uerch de Gebrauch léiere kann, ouni dréche Vokabelen, Reien an Tabellen ze baatschen.

Stellt lech dann emol **e ‚Kapitel‘ fir d'lessen an d'Drénke** vir; do kann een iwwer d'Geschier schwätzen, grad ewéi iwwer ‚Zopp an z'iesse‘; firwat net eng Grimmel iwwer d'Kacherei mat Ënnerdeelung fir Zopp, Fleesch/Gewurschtels, Fësch, Geméis, Uebst...

Eng Sprooch – an net nëmme eis – léiert een nun emol **net nëmme a Schoulen, Bicher a Coursën, mä och am ‚Mateneen‘**... wéi war et da mat de Lëtzebuenger, déi an Amerika gaang sinn, oder op d'Handwierks-‚Rull‘ an d'Frankräich? Leider ass dat ower hei **bei äis wéinst eiser ‚Polyglossie‘, deer typesch Lëtzebuenger Villsproochegkeet, och grad esou ‚typesch‘ problematesch**... ‚mir‘ quatsche jidfer Auslänner an enger vu senge Sproochen un.

Eis KLACK

Dir liest elo hei an der KLACK N° 258...an da komme mir dëst Joer un de 27 Joer-gank. ‚Esou al gëtt keng Kou‘, heescht et am Sproch. Ok, et war an ass eng Partie Aarbecht...mä wat ee gär mécht, ass jo keng Plo, gelldir. 😊 Eis ommelzeg (?) Comité-Männer (wat maache mir mat deem gebeemte ‚Komitee‘?) Patrick Kaell an Tom Weidig hunn sech dann elo net ginn, bis si **all Nummere vun der KLACK op eiser Internet-Adress** haten; den Tom huet och 250 Nummern dovun drécke gelooss, fir datt een se als Buch an eiser wonnerbarer neier Nationalbibliothék ka fannen... mä Dir kënnt se och elo geschwë gedréckt op eiser Adress bestellen; esou wéi mir all eis Publikatiounen fir lech do prett hunn. Et ka jo wierklech kee soen, mir wieren eisem Numm ‚ACTIOUN‘ an der Heemecht déi néideg Éier fir eis Sprooch an deene leschte ronn **50 Joer** schëlleg bliwwen.

Fir ze schmunzen

Dëslescht hat ech lech verzielt, wéi eis Sprooch viru ronn 55 Joer un d'Deckelsmouk komm ass (Fabelen). Zënterhier huet d'Letzebuergesch net méi e sëlliche Wierder ‚gemaach‘...mä der vill aus dem Däitschen an Engleschen eriwwegezun, fir déi mir eiser eegener gehat hätten; leider geet dat och nach muttwëlleserweis zevill liicht virun. Wa mir da schon e Wuert fir eng nei ‚Saach/Maach an eis Mammesprooch eranhuelen, da mussen dat net onbedéngt deer bretzege englescher sinn, déi jo am Fong nëmme soll ‚gutt maachen‘, vrun allem um Geschäftsgebitt (‚made by...‘); ganz dovun ofzegesin, datt eng ganz déck Partie vu Leit dat Englescht emol vläicht net verstinn!

Eng kleng Anekdot...mä absolutt wouer: An de 50er-Joeren hunn ech emol mat Frënn zu Bech-Maacher an engem Café beim Patt gesiess; um Dësch niewendrun e Pätterchen, deen sech dann och mat an eist Gespräch ‚geschafft‘ hat. Et gong ëm Nouvelen op der Televisioun; do huet hien da gesot, hien hätt dat gësch och op deem **BILLERRADIO** gesin, batschdeg! Dat wier am Fong eist neit Wuert fir d'Televisioun gewiescht; mä et soll ee sech do keng Illusiounen maachen... **den däitsche ‚Fernseh‘ war deemools ewell d'uerch deen eenzegen TV-Programm vum ‚Feldberg/Hartkopf‘ aus an d'Letzebuergesch eragerutscht**. Datt haut praktesch d'ganz Welt de griechesch-laténgeschen Ausdröck TELEVISION op verschidde ‚Melodien‘ ugehol huet, kann der nach ëmmer vill net drun hënneren, vum FERNSEH ze schwätzen, wat jo eng Zort verdäitschte ‚Sproochbaaschtert‘ ass. Mä dem Pätterchen säi ‚Billerradio‘ war ower léif, gelldir.

Notéiert Iech et:

D'Generalversammlung vun der ACTIOUN-LËTZEBUGESCH
ass samschdes, den 28. März, um 15 Auer
an eisem Veräinssätz zu Izeg, 20, Conter-Strooss
E Schëld weist lech de Wee fir eran an den Haff!